

Réf.: FLMP-2021-078

Newsletter 3/2021

Oktober 2021

Nächst Wanderungen

Ab dem 1. November gëllen erëm nei Mesurë betreffend de Covid-Check. Schnelltester op der Plaz sinn net méi erlaabt. Deemno dierfe just Leit mam offizielle „Greenpass“ resp. mat engem zertifizierten Test Zougang zum Sall kréien.

Mir géifen d'Veräiner opruffen, hiert méiglechst ze maachen, fir datt si de Wanderer erëm kënnen ee Sall ubidden, wou dës erëm kënnen, esou wéi fréier, zesumme sëtzen an eppes iessen an drénke kënnen.

Ab dem 01.01.2022 gi keng Annulatiounen méi akzeptéiert, ouni dat doduerch Onkäschten entstinn. D'Situatioun huet sech erëm esou wäit normaliséiert, datt d'Organisatioun vun enger Wanderung erëm iwwerall méiglech ass. D'Startzäite sinn elo op 08.00 Auer festgeluecht ginn. Vun dëser Zäit un mussen dann och Startkaarte verkaf ginn.

Wichtig: Ab dem 01.01.2022 ginn nach just déi offiziell Strecken op der jeeweileger Wanderung gestempelt. Aner opgezeechent Strecke ginn net méi mam IVV-Stempel vun der Wanderung validéiert an zielen nach just bei de Cupen & Trailen. Mir bidden Iech, Är Memberen iwwert dës Neierung ze informéieren.

Aus Respekt virun der Aarbecht a Beméiung vum de Veräiner a fir d'Veräiner ze ënnerstëtzen, ass et de Wonsch, fir éischer op enger offizieller Wanderung vum eise Veräiner ze wandere als wéi op engem Trail oder Auto-Pédestre.

Eis Veräiner R liewen

Als Lëtzebuenger Wandersportfederatioun starte mer eng Campagne fir d'Leit, d'Wanderer ze sensibiliséieren, net nëmme bei ons Veräiner wandere ze goen, mee fir och Member an dës Veräiner ze ginn.

An dësem Sënn hu mer en Logo kreéiert "Ons Veräiner R liewen".

Dës Logo ass Deel vun engem Flyer a Roll-Up, op deenen och eng Rei Motivatiouns-Wierder drop sinn, fir ebe bei onse Veräiner matzemaachen, eben z'erliewe wéi ons Veräiner "liewen".



Dëse Logo soll op all onsen Invitatiouns-Flyer 2022 drop sinn. Dëse Logo ass och op :

- engem Roll-Up, dee mir als FLMP bei onsen Organisatiounen opstellen. Op Wonsch ass de Roll-Up och disponibel fir ons Veräiner.
- engem Flyer drop deen op all IVV-Wanderung ka verdeelt ginn

Natierlech ass de Flyer och op onsen Internet-Siten a Social-Media Kanäl drop. Op der Récksäit vum Flyer sinn d'Adresse vun all onse Veräiner!

Mir invitéieren awer och jiddereen un dëser Campagne matzemaachen! Schreift ons a kuerze Wierder, ee Saz, firwat et fir iech flott ass, an engem Lëtzebuenger Wandersportveräin ze sinn, dëst mat Virnumm an Numm vum Veräin. Äre Saz publizéiere mer dann a sinn esou eng interaktiv Promotiouns-Campagne fir ons Veräiner!

Fir des Campagne hu mer en eegene Facebook-Grupp opgemaach " Eis Veräiner R liewen", fir sou eng maximal Visibilitéit ze kréien!

Um Enn vum Joer verlouse mer dräi "Corbeillen" ënnert all de Leit, déi zur Campagne bäigedroen hunn.

Walk 4 trees

De Verwaltungsrout vun der FLMP huet sech entschloss, zesumme mat Natur & Ëmwelt fir d'Joer 2022 eng nei Aktioun ze starten.

D'FLMP engagéiert sech fir een aktiven an dauerhaften Natur- a Klimaschutz, verbessert domadder och d'CO2-Bilanz a beweist nohaltegt Denken.



Schonns am Jubiläumsjoer 2021 gi fir de 50te Gebuertsdag vun der FLMP 50 Beem geplantz, dëst zesumme mat der „Fondatioun Hëllef fir d’Natur“. Dës Aktioun gëtt am Joer 2022 weidergefouert a fir all offiziell IVV-Wanderung zu Lëtzebuerg gëtt um Enn vum Joer e neie Bam geplantz. De Käschtelpunkt vun engem Bam leit bei 50.- €.

Dofir kënnst op all Flyer fir d'Joer 2022 de Logo vu "Walk 4 Trees". Och gi mir de Wanderer d'Méiglechkeet, fir sech un dëser Aktioun ze bedeelege mat engem Don.

All Veräin kann op senger Ofrechnung vum Material ukräizen, op si fräiwëlleg bereet sinn, sech mat engem Don fir ee Bam ze bedeelegen mat engem Montant vu 0.-, 25.- oder 50.- €.

Logoen op de Flyeren fir d'Joer 2022

Fir d'nächst Joer änneren d'Logoen op de Flyere fir IVV-Wanderungen zu Lëtzebuerg. Op der Internetsäit vun der FLMP fannt dir ënnert der Rubrik „Download“ all déi néideg Logoen. Dat si fir d'Joer 2022:

De Logo FLMP-IVV Lëtzebuerg – de Logo Walk 4 trees – de Logo "Veräiner R liewen"

Dës si gëllteg fir all Wanderungen ab dem 01.01.2022.



IVV-Europa

Um leschte Kongress vum IVV-Europa zu Sillian (AU) ass den FLMP-President Romain Buschmann als neien IVV-Europa-President gewielt ginn. Dozou gratuléiere mir ganz häerzlech.

Den FLMP-Generalsekretär a fréieren IVV-Europa-Vizepresident Georges Kintziger iwwerhëlt elo de Poste vum Generalsekretär vum IVV-Europa.

De Paul Sandt ass a senger Funktioun als Keessekontroller vum IVV-Europa bestätegt ginn.

D'FLMP huet och den Zouschlag kritt fir d'Organisatioun vum IVV-Europa-Kongress 2023 zu Lëtzebuerg.



Expo Belle Etoile

Vum 4.-13. November stellt d'FLMP sech an der Belle Etoile vir. Op verschidde Panneauen an och a verschidde Vitrinne kann een e bëssi iwwert déi 50järeg Geschicht an Aktivitéite vun der Wandersportfederatioun gewuer ginn.

E grouse Merci geet un déi Veräiner, déi sech gemellt hunn, fir iwwert verschidden Deeg eng Presenz op dem Infostand ze garantéieren a fir d'Ausléine vun hirem Material.

Mir hoffe vill vun eise Memberen a Frënn an dësen Deeg op der Plaz ze begéinen.

Marche de Noël

Dëst Joer kënnen mer eisen traditionelle Chrëschtmarsch erëm ubidden mat Start an Zil an der Stad op der Plëss d'Armes, dëst den 11. Dezember vun 11.00 bis 17.00 Auer.

D'Strecke vu 5 an 10 Kilometer féieren iech erëm duerch déi schéi beliichten Haaptstad mat Passage op den 3 Chrëschtmäert.

Och hei freeë mir eis op äre Besuch

Shop

Mir erënneren drun, besonnesch elo um Enn vum Joer, datt mir an eise Shop nieft engem „Cadeau-Bong“ och nach aner flott Saachen ubidden, ënnert anerem FLMP-Mutzen a Buffen, FLMP-Fändelen fir op de Rucksak an och eis Jubiläums-Enveloppe mam Éischt-Dagesstempel vun der Post.

Kuckt mol bis eran op eise Internetsite www.flmp.lu/shop

Wéi ëmmer kënnen all dës Informatiounen gären un är Membere weidergeleet ginn.